

## 6. Projet de loi 4877 relatif aux investissements supplémentaires réalisés dans le cadre de la remise en état du domaine du Château de Bettange-sur-Mess pour les besoins de la Fondation APEMH

### Rapport de la Commission des Travaux publics

**M. Ady Jung** (CSV), *rapporteur*.- Här President, honnabel Kolleeginnen a Kolleegen!

Et war duerch groussherzogleche Beschluss vum 26. November 2001, wéi d'Madame Minister vum den Travaux Publics, den 3. Dezember d'lescht Joer, dëse Gesetzesvorschlag deponéiert huet a mir si frou fir haut, gutt zwee Méint méi spéit, de Projet de loi 4877 zur Ofstëmmung virleeën ze kënnen.

Dem Projet de loi ware bäigefügt een ausféierlechen Exposé des motifs, en techneschen Deel mat allen Einzelheeten iwwert d'Aarbechten an en Devis mat allen Detailler. D'Kommissioun vum den öffentlechen Aarbechten huet de Projet eng éischte Kéier an hirer Sëtzung vum 22. November ënnersicht an diskutéiert, wou dunn och de Rapporteur bestëmmt gouf.

De 14. Januar huet d'Kommissioun sech um Site vum Bettener Schloss zesummeefonnt mat de Membere vum der Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, wou mer eis op der Plaz konnten ee Bild maachen ëm wat et am Fong geet, an datt déi zousätzlech Aarbechten, déi mat dësem Projet de loi viséiert sinn, absolut berechtegt sinn.

Op der Plaz krute mer och entsprechend Explikatiounen vu kompetente Leit, sou vum der Madame Minister a Mataarbechter aus der Bauverwaltung, grad ewéi vum der Direktioun vum der APEMH.

An der Sëtzung vum 17. Januar gouf dee positiven Avis vum Statsrot diskutéiert, an déi eenzel liicht Textännerungen, déi de Statsrot virgeschloen huet, goufe vun der Kommissioun zréckbehalen. De leschten Donneschdeg, den 31. Januar, gouf de Projet de Rapport eestëmmege vun der Kommissioun ugeholl.

Et sief drun erënnert, datt d'Regierung duerch d'Gesetz vum 31. Juli 1991 autoriséiert war, fir d'Gebäilechkeeten an d'Ëmfeld vum Bettener Schloss astand ze setzen, fir der Association des Parents d'Enfants Mentalement Handicapés, association sans but lucratif, respektiv der Fondatioun APEMH zur Verfügung ze stellen. Et sief drop higewisen, datt d'APEMH deemools och maassgeblech un der Finanzéierung vun den Astandsetzungsarbechte bedeelegt war.

An der Zwëschenzäit, dat heescht tëschen 1991 an haut, hu sech d'Aktivitéiten vum der APEMH immens entwéckelt, an zwar ginn de Moment op deem Site am Centre de Propédeutique professionnelle an an den Ateliers protégés 224 geeschteg behënnert Leit betreit, respektiv beschäftegt, an et si ronn 40 Leit Personal do agestallt.

D'Zil vun der APEMH ass et, am Centre de Propédeutique professionnelle, jonk Leit mat engem mentalen Handicap no hirer Primärschoul op eng spezifesch beruflech a praktesch Onofhängegkeet, souwäit wéi dat vu Fall zu Fall méiglech ass, auszubilden. Zu Betten kënnen si eng theoretesch a praktesch Ausbildung a verschiddene Berufssparte kréien. Wann et och no hirer Ausbildung an no hirem Stage net méiglech ass, déi betreffend jonk Leit dobaussen an der Aarbechtswelt ze integréieren, sou besteet d'Méiglechkeet, si an den Ateliere, oder an anere Strukture vun der APEMH, ze beschäftegen.

D'Aktivitéiten, déi sech an den Ateliere protégés, oder allgemeng um Site vum Bettener Schloss ofwéckelen, sinn engersäits landwirtschaftlecher Natur: Fir just eng kleng Iddi ze ginn, sief gesot datt den Déierebestand, wéi mer am exposé des motifs kënnen liesen, de Moment bei ronn 8.000 Leehénger läit, 1.200 Pouleten, zirka 120 Mudder-Kanéngercher an hirem Nowuess ...

### (Interruptions)

... 50 Randbéischten a 50 Schwäin.

Niewent de landwirtschaftlechen Aktivitéiten gëtt et um Site och eng Gäertnerei, eng Metzlererei, eng Kichen an e Geschäft, wou d'Produkte vun der APEMH verkaft ginn.

Des Weidere gi verschidden Aarbechten am Optrag vu kommerziellen, handwierklechen an industrielle Betriber ausgefouert.

An der Schräinerei vun der APEMH ginn hëlze Gaarde-miwwel gemaach an ënnerhalen, Spillplazen aménagéiert a verschidden aner Holzkonstruktiounen stinn um Programm.

Dës Aktivitéiten hu sech ganz staark entwéckelt. Wann am Joer 1995 déi handicapéiert Leit mat zwielef Bussen op Betten bruecht gi sinn, sou sinn haut dodeeglech 19 Bussen dofir am Asaz, sief dat vu méi no, aus der Muselgëgend oder vun der belscher Grenz erfort. Ausserdeem besteet nach eng Waardelëscht vu Kandidaten, déi de Moment aus Plazmangel net kënnen opgeholl ginn.

Et huet sech also engersäits erginn, datt d'Raimlechkeeten op alle Gebidder ze kleng gi sinn, an datt et un den noutwendegen Lagerméiglechkeeten gefeelt huet.

Op der anerer Säit huet sech erausgestallt, datt zousätzlech Aarbechten onëmgänglech waren, dëst wéinst gréisseren technesche Schwierigkeeten, déi sech erginn hu bei den Aménagéierungsarbechten, awer och duerch nei gesetzlech Bestëmmungen vu Commodo-Incommodo, respektiv vun der Veterinär- oder Sanitärinspektioun.

Mat dësem Gesetz sollen also déi noutwendeg Fongen zur Verfügung gestallt ginn, fir déi erfuerdert zousätzlech Renovatiouns- a Vergréisserungsarbechten um Site beim Schloss vu Betten op der Mess kënnen auszuféieren.

Haaptsächlech dréit et sech ëm d'Infrastrukture vun den Atelieren a vun de Méigleckeete fir Wueren ze stockéieren, eng nei Heizungszentral an en neien Transformator, déi baussent den Hauptgebaier installéiert ginn, en ugepasste Réckstaubecken, deen esou ausgeriicht ass, datt en och als Waasser-Réservoir fir d'Zäre kann dengen, a gespeist gëtt vum Waasser aus dem Pëtz vum Domaine.

Et mussen nei Parkplazen aménagéiert ginn. D'Weeër, déi duerch de Park féieren an am Moment ongenügend stabiliséiert sinn, gi mat engem stabillen Dallage zougeluegt, fir datt se besser vun handicapéierte Leit ze begoe sinn, an och méi liicht kënnen ënnerhale ginn.

D'Ofrappe vum ale Gebai huet no sech gezunn, datt déi fréier Stützmaueren duerch arméiert Betongskonstruktiounen ersat hu misse ginn.

Bei den Diskussiounen iwwert dëse Projet huet et sech bestätegt, datt am Verlaf vu Renovéierungen un ale Gebailechkeete sech dacks onvirgesinne Problemer erausstellen, déi dann zousätzlech Ausgaben no sech zéien. D'Kommissioun ass sech bewusst, datt et ëmmer erëm esou Iwwerraschungssituatiounen gëtt, huet awer nodrécklech verlaangt, esou fréi wéi méiglech heivun informéiert ze ginn, wann doraus budgetär Iwwerschreidungen noutwendeg ginn.

Op der anerer Säit ass d'Kommissioun der Meenung, datt d'Gréisst vum Terrain an der Zukunft kaum nach e weideren Ausbau vun de Gebailechkeete beim Bettener Schloss zouléisst.

Wéi scho gesot, huet de Statsrot sech positiv zu dësem Projet ausgedréckt, huet awer drop higewisen, datt de festgeluegte Betrag vu 5.428.868 Euro net dierf iwwerschritt ginn, mat der Bedingung, an ech zitieren de Statsrot "tout en garantissant la finition définitive des travaux nécessaires à la réhabilitation du Château de Bettange-sur-Mess, conforme à sa nouvelle destination". Och dës Ausso gëtt vun der Kommissioun gedeelt.

Am Projet de loi, deen aus dräi Artikele besteet, gëtt ënner anerem dee virdrun zitierten Endbetrag festgehalten, deen d'Aarbechten dierfe kaschten, mat der Réserve vu gesetzlechen Haussen, déi am Verlaf vun den Aarbechten antriede kënnen. D'Ausgabe selwer gi vum Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux erofgeholl.

No dësen Explikatiounen wëll ech dann all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet de loi matgeschafft hunn, sou de Verantwortleche vum Bauteministère a vun der Verwaltung vun de Bâtiments publics, awer och der Kolleege an de Kolleege aus der Kommissioun, déi de schrëftleche Rapport eestëmmeg ugeholl hunn.

Ech bieden dofir och d'Chamber, dëst Gesetz genee esou eestëmmeg ze stëmmen.

Heimat schléissen ech mäi Rapport of, deen ech am Numm vun der Commission des Travaux publics gemaach hunn.

Elo bieden ech den Här President, mir d'Wuert ze erdeelen, fir am Numm vun der CSV-Fraktioun ze schwätzen.

**M. le Président.**- Majo, dann hutt Der d'Wuert, Här Jung! *(Hilarité)*

**M. Ady Jung (CSV).**- Mir halen eis un déi virgeschriwwen Zäiten.

**M. le Président.**- Den Här Jung hält sech 100% un d'Reglement.

### *Discussion générale*

**M. Ady Jung (CSV).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech direkt den Accord zu dësem Projet de loi matdeelen, well mir nun eemol iwwerzeegt sinn, datt all déi Aarbechten an erfuerdert Geldméttelen e solidaresche Beitrag zu deem duerstellen, wat d'Organisatioun mam Numm APEMH, déi am Joer 1967 gegrënnt gouf - iwwregens déi éischt Organisatioun hei am Land, déi sech d'Betreiung vu geeschteg handicapéierte Kanner zur Aufgab gemaach huet - zënter hirer Grëndung geleescht huet.

Fir déijéineg, déi net iwwer déi vielfälteg Aktivitéite vun der APEMH informéiert sinn, wëll ech drop hiweisen, datt d'APEMH um Centre Nossbiérg zu Esch/Uelzecht, de Foyer de la Solidarité, e Centre de Jour, e Service d'Activités de Jour an d'Foyeren Roude Fiels 1 an 2, wou eeler geeschteg handicapéiert Matbierger wunnen, ënnerhält.

Da gëtt et de Foyer de l'Amitié zu Mondorf, d'Foyeren Uewerkuerer Haus 1 an 2, de Foyer Déifferdenger Haus, d'Haus Georges Mayer zu Diddeleng, de Service d'Hébergement, genannt Beetebuerger Haus zu Beetebuerger, wou si och de Parc Merveilleux mat hire Leit ausgebaut huet a gëreiert.

Zu Esch/Uelzecht, wou de Grondsteen vun deem grouss-aartegen humanitäre Wierk geluegt gouf, fonctionnéiert dann och de Centre d'Activités de Réadaptations et de Rencontre op der Place St-Michel. Doniewent gëtt et nach vill Haiser zu Esch, zu Bieles, um Cents, an esou weider.

Aner grouss Projete sinn nach amgaang realiséiert ze ginn, fir landeswäit eise geeschteg handicapéierte Matbierger e mënschewürdegt Liewen ze erméiglechen, sou ënner anerem de Park zu Housen. Ech wëll dofir och der Mme Minister vun der Famillje merci soen, datt si all déi Projete mat Konventiounen maassgeblech ënnerstëtzt.

Här President, erlaabt mer nach, a mengem perséinleche Numm ...

### *(Interruptions)*

... als laangjäreg Member vum Verwaltungsrot a vun deene verschiddene Strukture vun der APEMH, feststellen, datt ech do ganz wäertvoll Mënsche kenne geléiert hunn, sief et ehrenamtlecher, sief et berufflecher, déi am Dëngscht vun eise behënnerte Matbierger eng aussergewöhnlech wäertvoll Aarbecht leeschten.

Engem vun hinnen, dem laangjäregen APEMH-President Fernand Peiffer, dee vun Ufank un de Projet Bettener Schloss matinitiéiert a begleet huet, ass et leider net vergonnt, d'Fäerdegstellung vum Projet matzeerliewen ... Hien huet eis kierzlech fir ëmmer verlooss. Bis zulescht

war him keng Stonn ze fréi a keng ze spéit, fir sech fir dëst groussaartegt Wierk anzesetzen. Hie verdéngt eis Unerkennung an eisen déiwe Respekt.

Mat all deenen, déi sech an den Dénsgscht vun eisen handicapéierte Matbierger engagéieren, sinn och mir gefuerdert fir eis besonnesch fir déi Matmënschen anzesetzen, déi net ouni eis Hëllef an der Lag sinn, d'Erausfuerderungen, déi d'Liewen u si ríicht, ze meeschteren.

D'Bettener Schlass an all dat, wat do erriicht ginn ass a fonctionnéiert, ass e positivt Signal op dësem Wee!

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

**M. Georges Wohlfart (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert d'Bettener Schlass, de Projet 4877, deen de Kolleg Ady Jung hei virgedroen huet, geet zréck op d'Gesetz vum 31. Juli 1991. De Rapporteur war esou explizit a sengem mëndleche Rapport, wat d'Ursaachen ugeet, déi déi Investissementer, déi mer haut de Mëtteg stëmme wäerten, noutwendeg maachen, dass ech mech nëmmen deem uschlësse kann, wat hien un Argumentatioun hei virbruecht huet.

Ech mengen, den Haaptdeel vun deene Suen, déi mer haut de Mëtten als Surplus stëmmen, geet op Renovatiouns- a Vergréisserungsarbechten zréck. Erëm eng Kéier stelle mir fest, dass all Kéier, wa mer bei bestehende Gebaier un d'Renovatioun ginn, mir mat Imprévue rechnen müssen, déi sech dann am Budget nidderschloen.

Am Fong kann ee soen, wat Bettener Schlass ugeet, dass et d'Erfolgsstory vun der APEMH ass, déi 1967 gegrënnt gouf, an déi haut 224 Jugendlecher, eeler an handicapéiert Leit betreit iwwert de Centre de Propédeutique professionnelle, wou déi Jugendlech eng theoretesch a praktesch Formatioun kréien, déi mat hirem Handicap kompatibel ass, a wou se dono an den Ateliers protégés enger nätzlecher Aarbecht an Aktivitéiten nokomme kënnen. Sou ginn déi Leit an d'normaalt Liewen integréiert, wat op dem normalen Aarbechtswee net méiglech wier. Et ass also, menger Meenung no, e Musterbeispill fir eng gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Stat op där enger Säit an der Associatioun op der anerer Säit. De Stat stellt d'Infrastrukturen an iwwer e Conventiounement gëtt d'Ausnotzung dovunner an d'Gestion quotidienne vun där Associatioun gelescht.

Et ass awer och e gutt Beispill vun der Integration vun handicapéierte Matmënschen an ons Gesellschaft, virun allem an dat wirtschaftlecht Liewen, wat - géif ech soen - eng Grondvoraussetzung ass fir sech als Mënsch, och als handicapéierte Mënsch, voll entfalten ze kënnen. Ech wëll net op déi eenzel Aktivitéiten agoen, déi de Rapporteur lo am Detail beschriwwen huet. Mä ech mengen et wier eng ganz Palette vun Aktivitéiten, déi do ugebuede gëtt, soudass déi Leit, déi och dovunner profitéieren kënnen,

sënnvoll beschäftegt kënnen ginn. Si ginn enger bezueltener Aarbecht no, wat sécherlech de Selbstwäert vun deenen défavoriséierte Leit steigert.

An deem Sënn wëll ech selbstverständlech dëse Projet begreissen. Et ass net a mengem Sënn, fir weider op déi vielfältig Aktivitéiten vun der APEMH am Interesse vun deenen handicapéierte Leit net nëmmen am Süde vum Land, mä am ganze Land, anzegoen.

Ech sinn och frou, dass mer Ähnlech och an Zukunft am Norden weider realiséieren kënnen. Dem Rapporteur soen ech nach eng Kéier merci an ech bréngen nach den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech kuerz op dëse Projet de loi ze schwätze kommen, wëllt ech dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci soen. Nom Här Jung als Rapporteur, dem Här Jung vun der CSV, dem Här Jung privat an dem Här Wohlfart ass dat allermeescht zu dësem Projet gesot.

An deene leschte Joren huet d'Aktivitéit vun der APEMH ëmmer méi zougeholl. Effektiv ass et jo sou, dass 1991 ee Gesetz gestëmmt ginn ass, dat et sollt erlaben, d'Gebaier um Domän vum Schlass zu Betten op der Mess ze renovéieren. Bis 1995 ass d'Zuel vun den encadréierte Leit, déi ee mentalen Handicap hunn, op 177 geklommen. Dat huet natierlech eng Upassung vun den Infrastrukture verlaangt, sou dass 1996 ee weidert Gesetz gestëmmt ginn ass. Haut ginn zu Betten op der Mess 224 Leit encadréiert. Wann 1995 den Transport vun de Stagiairen zwielef Trajeten am Dag verlaangt huet, sou sinn et haut 19 Bussen, déi deen Transport garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net weider op déi technesch Detailler vun dësem Projet agoen, de Rapporteur huet dat schonn ausféierlech gemaach, sou vill sierf just gesot, mir sinn eis alleguerde bewosst, wéi eng wäertvoll Aarbecht vun der APEMH gelescht gëtt an de Fait, dass d'Zuel vun deene Stagiairë sou massiv zouhëlt, beleet dat och. Si sinn et, déi enger ganzer Rei vun Handicapéierten nei würdeg Zukunftsperspektive bidden.

D'APEMH schléift net, bien au contraire. Den Här Jung respektiv den Här Wohlfart, hunn déi ganz Multitude vun Aktivitéiten opgezielt an ech wëllt just d'Iwwerhuele vum Beetebauerger, eng Gesellschaft an där ech d'Éier hu Commissaire aux comptes ze sinn, als Beispill ernimme fir d'Integratioun vun Handicapéierten, wéi een et ganz praktesch um Terrain maache kann an zousätzlech nach zum Wuel vun enger ganzer Partie Leit a Schouלקlassen, déi dagdeeglech dee Park besichen an een interessante Léierpad matmaache kënnen. Iwwregens zu Housen wäert eppes Ähnlech geschéien.

Duerch de Fait, dass déi handicapéiert Leit eng handwierklech Formatioun kréien, hu se d'Méiglechkeet, d'Gesellschaft och op aner Weeër ze integréieren, ausserdeem brauchen déi Leit genausou wéi alleguerten eis Bierger Unerkennung fir dat, wat se leeschten. Fir d'Eltere vun deenen Handicapéierte sinn esou Institutiounen och vun allergréisster Wichtigkeet. Aus deem Grond kann ech der APEMH an all deenen, déi mat hinnen zesummeschaffen, nëmme wärmstens félicitéieren. Meng Fraktioun wäert selbstverständlech dese Projet stëmmen.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Här President, ech wëll dann awer och mengem Frënd Ady Jung félicitéiere fir säin ausféierleche ...

### (Interruptions)

... schréftlechen a mëndleche Rapport, deem awer wierklech näischt bäizefügen ass.

Des Weidere wëll ech net verfeelee bei dëser Geleeënheet all deene Leit, déi sech joeran, joeraus, ëm déi Behënnert këmmere, ze félicitéiere fir déi Aarbecht an hiren Asaz, dee si am Interesse vun eise behënnerte Matbierger maachen, well ech mengen dat ass beileiwe keng liicht Missioun an ech wëll och drop hiweisen, dass déi meescht vun deene Leit dann och nach bénévolé schaffen an dass et e bësse bedauerlech ass, dass am Joer vum Bénévolat déi Aarbecht, déi do gelescht gëtt, am Fong net besonnesch ervirgehuewe ginn ass. Ech hoffen, dass an där Richtung iergendwann eng Kéier nach ee Geste kënnt, fir deene Leit hir Leeschtung ze honoréieren. Et ass wichteg, dass mer déi behënnert Matbierger versichen optimal ze integréieren an hinnen déiselwecht Wäertgefiller ze vermëttelen, wéi all deenen anere Leit och. Dofir brauche mer selbstverständlech optimal Infrastrukturen, déi verschiddeentlech scho bestinn, an do wou se net sou optimal bestinn oder nach ausgebaut gi mussen, wéi dat lo zu Betten op der Mess de Fall ass, müsse mer dofir suergen, dass se optimal ausgebaut ginn.

Dës Infrastrukture sollen dozou bäidroen, eng optimal Ausbildung ze vermëttelen awer och deene Leit eng sënnvoll Aarbecht ze ginn, fir dass se sech als vollwäerteg Matbierger vun eiser Gesellschaft fillen. Ech mengen domadder wär vun eiser Säit aus zu dësem Projet alles gesot an ech brénge selbstverständlech och den Accord vun eiser Fraktioun.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).-** Merci, Här President. No 1991 an 1996 ass et déi drëttes Kéier, wou mer heibannen iwwert de Projet vu Betten op der Mess schwätzen. Vu dass den Terrain, wéi mer eis konnten op der Plaz iwwerzeegen, lo sou lues épuiséiert ass, ass et

wahrscheinlech fir eng Zäitchen dann och déi leschte Kéier, datt mer dat maachen.

Inhaltlech ass natierlech géint deen heite Projet, dee wichteg an och ganz flott ass, näischt anzewennen. D'Fro, déi sech haut hei stellt, ass alt rëm eng Kéier eng finanztechnesch, well mer et mat enger Adaptation budgétaire ze dinn hunn. Ee vun deenen Elementer déi maachen, datt mer déi Adaptatioun hei musse stëmmen, ass Mol rëm eng Kéier d'Heizung an ech komme mer sou lues fir wéi d'Heizungstechnikerin vum Déngscht, mä hei gëtt et och eng Rei vu Saachen dozou ze soen.

Am initiale Projet vun 1996, wou festgehalen ginn ass, dass déi al Heizung géif bäibehale ginn, mä moderniséiert ginn. Wéi mer op der Plaz ware konnte mer awer feststellen, dass se trotzdeem ersat ginn ass. Déi Heizung steet lo an deem neie Projet de loi dran, mä si existéiert am Fong schonn. Et ass festgehalen gi vun enger Rei vu Membere vun der Kommissioun, dass dat keng gutt Virgehensweis ass, a wann Der de Rapport liest, da kënnt Der och tëschent den Zeilen déi kleng Kritik feststellen, déi do ganz zaghaft gemaach gëtt. Ech denken an ech mengen och, datt déi meescht vun de Kolleginnen a Kollege mat mer d'accord sinn, datt weinstens d'Kommissioun hätt missen informéiert ginn, mä nach besser hätt ee sollte waarden, bis datt ee Projet de loi gestëmmt gi wär, respektiv dee Projet dann éischer stëmmen, fir dat kënnen op eng gutt Aart a Weis iwwert d'Bühn ze bréngen.

Inhaltlech muss een awer och feststellen, datt mer mat där do Virgehensweis, dann och eng Heizung dohinnergesat kritt hunn, déi alt rëm eng konventionell ass, a mir konnten eben hei och net driwwer diskutéieren ob een net hätt kéinten op een anere Wee goen. Et ass eis gesot ginn, datt viru Jore scho Mol eng Kéier zu Betten experimentéiert gi war mat Biogas, datt dat awer net ganz vill gi war. Ech denken awer, datt och déi Technologie méttlerweil sou wäit fortgeschritt sinn, datt grad op deem dote Site dat sécherlech Sënn gemaach hätt, wéi sech och nach eng aner Rei vu Méiglechkeeten hätt kéinten erginn, déi ekologesch an energietechnesch méi sënnvoll gewiescht wäeren. Wéi gesot, dat ass ee vun deenen Elementer, wou mer lo just nodréiglech kënnen den Aval ginn.

Här President, ech hu virdru schonn ugeschnidden, datt de Projet vu Betten u seng Grenze stéisst, vu dass den Terrain limitéiert ass. Dat hu mer och schonn 1996 hei festgestallt a gemengt, dass, wann e Besoin weider besteet, an ech mengen dat ass jo och de Fall, een da vläicht muss driwwer nodenken, ob net op anere Plazen am Land ähnlech Projeten da mussen opgeriicht ginn. E gutt Beispill wéi een et ka maachen hu mer jo och scho mat Betten op der Mess virleien.

Dat gesot, Här President, wëllt ech den Accord vun der grénge Fraktioun ginn.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, ech soen der Chamber merci fir



d' Zoustëmmung. Ech muss mech dann entschëllegen, datt mer eng Heizung dohinnergesat hunn. Ech huele jo awer un, d'Chamber wier net d'accord domat gewiescht, datt mer d'Leit kal do sëtze gelooss hätten ...

**(Interruption)**

... an heiansdo kritt een an technesche Beräicher och emol Urgencen, déi nun eemol net erlaben, datt mer nach fir d'éischt ee Projet de loi stëmmen.

Ech wëll awer och hei dem Rapporteur mäi Merci soen an och der Kommissioun, an ech denken, datt mer mat dësem Vote och dëse Projet kënnen a senger ganzer Envergure fäerdeg maachen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo nach d'Familljeministesch, d'Mme Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing mech selbstverständlech deene Mercien uschlëssen, sou gutt vis-à-vis vum Kolleeg Ady Jung, dee wierklech an aller Exaktheit eis dee Projet presentéiert huet, souwéi dem Nico Loes, deen de Rapport iwwer Housen gemaach huet. Do si mer iwwregens am Gaangen ze kucken ob déi zukünfteg Gestiou vum Park vun der APEMH iwwerholl gi kann. Mir hunn och viru kuerzem eng Konventioun ënnerschrifwen, op där enger Säit mat der Fondatioun Autisme Luxembourg fir zu Munzen eng Structure d'accueil an Atelierien ze maachen, wéi och mat der A.s.b.l. Autisme, wou mer zu Huewel, an der Gemeng Biekerech, een Atelier maache wäerten. Et ass wichteg no der Aart vum Handicap, souwéi och no der regionaler Verdeelung vun de Leit méiglechkeeten unzëbieden, fir dass dës Behënnerter hir Formatiouns- oder Aarbechtsplaz méi no zu doheem fanne kënnen.

Ech wëll hei drun erënneren, datt ech d'lescht Joer am Juli ee Projet de loi déposéiert hunn, dee justement och d'Akommes reegele soll vun deene Leit, déi an den Atelier-protégée schaffen. Ech wëll domadder eise behënnerte Matbierger eng Autonomie um finanzielle Plang garantéieren. Dëse Projet soll verhënnere, dass si bis an den héijen Alter vun hiren Elteren oder vun aneren Einkünften ofhängeg sinn. Et ass mäin Zil, méiglechst ville Behënnerten déiselwecht finanziell Autonomie ze erméiglechen, wéi all déi net behënnerte Leit se schonn hunn. Si sollen och méiglechst vum Verdéngscht hier mat dem normalen Aarbechtsmaart gläichgestallt ginn. Ech wëll hei och betounen, dass mer ouni déi Associatiounen, déi sech ëm déi Behënnert këmmen, d'Aarbecht, déi an deem Beräich ufält, net packe géifen an ech weess net firwat Der gemengt hat, déi wieren am Joer vum Bénévolat net genuch zur Geltung komm. Wann Der mat all deene Leit schwätzt, da stellt Der fest, datt déi duerchaus zefridde sinn, well se och ze schätze wëssen, wéi vill de Stat hinnen hëllef.

Mir hunn als Stat mat all deene Leit eng ganz gutt Partnerschaft an ech ginn dem Ady Jung Recht, dee gesot huet: Do kann ee wierklech Leit kenne léieren, sougutt vun

deene Behënnerte selwer, wéi och vun deene Leit, déi duerch d'Bénévolat oder och professionell an deem Beräich schaffen, un deene mer eis alleguerten nach ee Beispill huele kéinten a wou mer och ganz vill rëmkreie géifen. Merci villmools.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vum den Articlele vum Projet de loi 4877 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Articlele 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4877.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 55 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par Mme Nelly Stein), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Den Datum vum der nächster Sitzung gëtt lech zesumme mat dem Ordre du jour schrëftlech matgedeelt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.00 heures)**

Communications .....	page 817	Proposition de loi 4608 modifiant la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux .....	pages 873-907
Ordre du jour .....	pages 817-819	Dépôt d'une proposition de loi .....	page 909
Heure de questions au Gouvernement:		Communications .....	pages 909-910
- Question urgente 1506 de M. François Bausch au sujet de l'affaire de la société de transport Kralowetz,		Retrait du rôle d'une proposition de loi .....	page 910
traîtée conjointement avec la		Ordre du jour .....	page 910
- Question 179 de M. Ben Fayot relative aux irrégularités auprès de la société de transport Kralowetz		Heure de questions au Gouvernement:	
et la		- Question 185 de M. Marcel Glesener relative aux travailleurs frontaliers .....	pages 910-911
- Question 180 de M. Gast Gibéryen relative à l'attribution des licences pour le transport international de marchandises par autoroute à l'entreprise Kralowetz .....	pages 819-829	- Question 186 de M. Alex Bodry relative aux mesures prises en vue d'éviter, de réduire ou de compenser les impacts sur l'environnement naturel et humain occasionnés par la construction de la Route du Nord .....	pages 911-912
- Question 181 de M. Lucien Weiler relative à la déponie SIDEC .....	pages 829-832	- Question 187 de M. Emile Calmes relative à la desserte de l'Oesling par les chemins de fer ....	pages 913-914
- Question 182 de M. Alex Bodry concernant l'implantation des antennes de téléphonie mobile ..	pages 832-834	- Question 188 de M. Jean Huss relative au projet de rénovation du centre militaire .....	pages 914-915
- Question 183 de M. Jean Colombera concernant l'euro .....	pages 834-835	- Question 189 de M. Jean Colombera relative à l'indemnité kilométrique du service de nuit en médecine générale .....	pages 915-917
- Question 184 de M. Robert Garcia relative au brevet sur le gène à prédisposition cancéreuse BRCA1	pages 835-836	- Question 190 de Mme Renée Wagener relative à la politique commune européenne en matière de droit de travail des demandeurs d'asile	pages 917-918
Question avec débat 18 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la cessibilité de rémunération, des pensions et des rentes .....	pages 836-838	- Question 191 de M. Robert Mehlen relative au secret professionnel dans le cadre de la prise d'otages à Wasserbillig .....	pages 918-919
Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur le conventionnement des médecins ....	pages 838-847	Dépôt d'un projet de loi .....	page 919
Motion de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative aux dépassements de crédits des projets de construction .....	pages 847-848	Question urgente 1506 de M. François Bausch au sujet de l'affaire de la société de transport Kralowetz (Suite) .....	page 919
Projet de loi 4898 portant approbation de la décision du Conseil de l'Union européenne du 29 septembre 2000 relative au système des ressources propres des Communautés européennes .....	pages 849-854	Heure d'actualité demandée par le groupe "Déi Gréng" relative au document final du "Rentendësch" .....	pages 919-929
Dépôt d'une proposition de loi .....	page 854	Résolution de M. Ben Fayot concernant le blanchiment d'argent .....	pages 929-934
Projet de loi 4739 sur les enquêtes techniques relatives aux accidents et aux incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et du chemin de fer .....	pages 855-858	Projet de loi 4892 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un ensemble immobilier dans le cadre de l'extension du Lycée classique de Diekirch .....	pages 934-940
Projet de loi 4559 portant approbation de la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (CEPMMT) et du Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme, signés à Bruxelles, le 11 octobre 1973 .....	pages 858-861	90 <sup>e</sup> anniversaire de M. Lucien Dury, ancien Député	page 941
Proposition de loi 4808 sur le vote par Internet ..	pages 861-869	Communications .....	pages 941-942
Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative aux comptes de l'exercice 2000 de la Cour des Comptes .....	pages 869-870	Projet de loi 4868 relatif à la construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Dudelange	pages 942-952
Demandes en naturalisation .....	pages 870-872	Projet de loi 4869 relatif à la construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Wiltz ..	pages 952-965
Ordre du jour .....	page 873	Projet de loi 4876 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un centre écologique et touristique dans l'intérêt de l'aménagement du Parc de Hosingen (Phase 2) .....	pages 965-970
Projet de loi 4763 portant révision de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998		Projet de loi 4877 relatif aux investissements supplémentaires réalisés dans le cadre de la remise en état du domaine du Château de Bettange-sur-Mess pour les besoins de la Fondation APEMH ..	pages 971-975
Projet de loi 4828 portant modification de la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux		Noriichten aus der Chamber .....	pages 57-64
		Questions au Gouvernement .....	pages jaunes 209-256 au milieu du compte rendu